



ACTIOUN
LËTZEBUGESCH

EIS SPROOCH

Chamberwalen 2023

D'Äntwerte vun de Parteien a Wal-Lëschten op eis 6 Froen



déi Lénk



Volt



D'Actioun Lëtzebuergesch a.s.b.l.
gëtt ënnerstëtzt vun:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

20, Conter Strooss • L-5955 Izeg • (+352) 47 06 12 • actioun@letzebuergesch.lu • www.letzebuergesch.lu
BCEELULL IBAN LU52 0019 1000 7250 4000 • CCPLLULL IBAN LU75 1111 0066 4448 0000
Gegrënnt 1971 • Unerkannt als «utilité publique» • N°RCS: F5361

Virwuert

Viru 5 Joer hu Verrieder vun eiser Vereenegung sech virun de Chamberwalen 2018 mat alle Parteien, déi deemools an der Chamber vertrauede waren, zesumme gesat fir driwwer ze schwätzen, wéi déi Lëtzebuerger Sprooch an der Zukunft weider gefërdert kéint ginn. Verschidde Punkten, déi mir deemools mat den eenzele Parteien beschwat haten, sinn haut Realitéit: Lëtzebuergesch an der Constitutioun, Lëtzebuergesch um Convocatiounsbréif fir d'Walen, obligatoresch Lëtzebuergesch Coursen an den internationale Schoulen, asw.

Fir d'Chamberwalen 2023 hate mir äis eppes Aneschtes iwwerluecht: mir hunn all d'Parteien an all d'Wal-Lëschte kontaktéiert déi fir d'Walen 2023 zougelooss gi sinn, also net just déi, déi an der Chamber vertraude sinn, a hu si gefrot äis 6 Froen ze beäntweren. Anescht wéi nach 2018, wëlle mir elo all eis Memberen iwwer d'Positioun vun de Parteien an deenen eenzele Froen informéieren an och e Pressecommuniqué eraus ginn. Vun der KPL an „déi Konservativ“ ofgesinn, hunn all Parteien a Wal-Lëschten op eise Bréif geäntwert, duerfir e grouse Merci u si! D'Reiefolleg vun den Äntwerte vun deenen eenzelne Parteien a Gruppen an deem Dokument ass déi vun de Lëschtennummere bei de Chamberwalen.

De Comité vun der AL

1. Lëtzebuergesch als EU Sprooch

Déi offiziell Unerkennung vun der Lëtzebuerger Sprooch als eng Sprooch vun der Europäescher Unioun, z.B. als „langue tacite“ hätt eng Rei Virdeeler. Nieft engem gewësse Prestige, deen domat verbonne wier, kéinte vun der Europäescher Unioun och Subsidien ausbezuelte ginn, z.B. fir d'Fuerschung vun der Sprooch ze fërderen.

Eis Vereenegung fuerdert net, datt an der Europäescher Unioun all Dokumenter oder Gerichtsverhandlungen, déi aktuell op aner Sproochen iwwersat ginn, op Lëtzebuergesch iwwersat musse ginn.

Géif Är Partei sech no der Chamberwalen 2023 dofir asetzen, déi Lëtzebuerger Sprooch offiziell als EU Sprooch unerkennen ze loossen?

LSAP: JO



D'LSAP géing et begréissen, wann d'EU d'Lëtzebuerger Sprooch géing symbolesch unerkennen. Et ass allerdéngs net realistesch, datt Lëtzebuergesch eng offiziell Sprooch vun der EU gëtt, well d'Iwwersetzung vun den europäeschen Texter ze opwändeg wieren.

DP: KENG ÄNTWERT



D'Demokratesch Partei huet sech dofir agesat, fir datt all Ufro un eng EU-Institutioun op Lëtzebuergesch och op Lëtzebuergesch beäntwert gëtt. An dem Kontext wäert Lëtzebuerg sech och weider staark maachen, dem Lëtzebuergesch op europäeschem Niveau méi Unerkennung ze ginn. Allgemeng setzt d'Demokratesch Partei sech fir d'Fërderung vun der Lëtzebuerger Sprooch an. E grouse Schratt war, an deem Sënn, d'Gesetz iwwer d'Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch vum 20. Juli 2018, duerch dat ënnert anerem den Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch geschaaft gouf.

All d'Direktiven a Reglementer, d'Reunioune vum Conseil, vum Conseil vun der EU, a vum EU-Parlament mussen an déi offiziell EU-Sproochen iwwersat ginn. Dësen zousätzlechen Opwand wier net verhältnisméisseg. Besonnesch wann ee bedenkt, dass zwou vun eisen offizielle Landessproochen net just als EU-Sprooch gëllen, mee virun allem och als Aarbechtssprooch vun der Europäescher Unioun benotzt ginn. Doriwwer eraus setzt d'Demokratesch Partei sech dofir an, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an den EU-wäite Rechercheprojete mat abegraff gëtt. Awer och, datt beispillsweis punktuell Ufro vu Bierger kéinten op Lëtzebuergesch formuléiert a beäntwert ginn, an datt eenzel Kär-Texter op Lëtzebuergesch iwwersat ginn.

Déi Gréng: JO



D'Unerkennung vum Lëtzebuergesch op EU-Niveau ass ee vun de Punkte vum Aktiounsplang fir d'Lëtzebuenger Sprooch, deen d'Regierung mat eiser Bedeelegung am Dezember 2022 ugeholl huet an dee mir deemtspriechend och ënnerstëtzen. Wéi dir et undeit, gëllt et bei der Ëmsetzung, fir sënnavoll, gerecht an transparent Modalitéiten ze fannen. Déi néideg Gespréicher a Verhandlungen dofir wëlle mir konsequent virundreiwen. Wat d'Fuerschung ugeet, sou si mir der Meenung, dass de Fonds National de la Recherche dem Beräich vun de Sproochen generell méi Bedeitung misst zoukomme loosse a Fuerschungsarbechten, déi mat der Lëtzebuenger Sprooch ze dinn hunn, méi geziilt misst förderen. Esou zum Beispill um Plang vun den Iwwersetzungswëssenschaften (Traductologie), wou d'Iwwersetzung vu klassischen Texter an d'Lëtzebuenger Sprooch am Mëttelpunkt vun der Fuerschung kéinte stoen.

CSV: NEE



Mir gesinn am Lëtzebuergesch als offiziell EU-Sprooch kee Méiwäert. Weder fir eist Land nach fir eis Sprooch.

Déi Lénk: KENG ÄNTWERT



De Status vun der „langue tacite“ bei der EU ass eis net bekannt an deemtspriechend kënne mir eis net dozou positionéieren.

ADR: JO



Mir hunn an der Chamber scho gefuerdert dass Lëtzebuergesch als eng Sprooch vun der EU soll offiziell unerkannt ginn. Leider zéien déi aner Parteien do net mat.

Piratepartei: JO



D'Pirate si fir eng Unerkennung vun der Lëtzebuenger Sprooch nom iresche Modell (virun 2022). Mir wëllen dass eis Sprooch kulturell op EU Niveau wäertgeschat gëtt, mee wëlle verhënnere, dass Dokumenter an Iwwersetzer mussen op Lëtzebuergesch iwwersetzen.

Fokus: NEE



Mir sinn eis och den Erausforderung bewusst duerch een onkomplette Vokabulär am Gebrauch mat Gesetzestexter. Leider ass esou déi nei Verfassung, déi zanter dem 1. Juli 2023 a Kraaft ass, just an der franséischer Versioun gesetzlech bindend.

Mir setzen eis a fir eis eege Gesetzestexte a Lëtzebuenger Sprooch auszeschaffen a wëllen dofir, dass Fachleit, Affekoten a Linguisten zesumme schaffe fir een ëmfaassende juristesche Vocabulaire an der Lëtzebuenger Sprooch weiderzuentwéckelen. Wa mir dëst Zil erreicht hunn an eise Vocabulaire esou ausgebaut hunn, sollte mir vun den EU-Institutionen d'Unerkennung als gläichberechtigt offiziell Sprooch (als Nummer 25) verlaangen.

Volt: NEE



Lëtzebuergesch muss keng offiziell unerkannt EU-Sprooch sinn, virun allem net, wann et dorëms geet, Virdeeler doraus ze schloen. Mir géifen et ënnerstëtzen, dass Lëtzebuergesch als Deel vun de geschwate Sproochen säi Wee op méi visibel Plaze vun der EU géif packen, mä mir gesinn net, dass Lëtzebuergesch méi Prestige kritt, nëmme well et als offiziell Sprooch „unerkannt“ ass. Dëst géif bannent der EU zu vill méi Käschte féieren (och wann net alles iwwersat gëtt), well et jo awer iwwerall muss gelëscht an erwänt ginn, an dës Käschte gesi mir net als onbedéngt néideg. Et kann och ënner Ëmstänn Imitéier-Effekter mat sech zéien. Lëtzebuergesch ass mat knapps 300.000 Spriecher relativ kleng, donieft gëtt et nach d'Katalounesch (7 Milliounen), Flämesch (6,5 Milliounen), Sizilianesch (5 Milliounen), Venezianesch (4 Milliounen), Galegesch (3,5 Milliounen), Sardinesch (1 Millioun), Welsh (700 Dausend), Frisesch (400 Dausend) a sou weider.

D'Fuerschung zu Lëtzebuerg soll allgemeng gefuerdert ginn, domadder inclus d'Luxemburgistik. Mir fuerderen dowéinst en Erhéije vum Budget fir Fuerschung an Entwécklung („research & development“). Mir wëllen d'Ausgabe vu Lëtzebuerg fir R&D ëm 0,1%-Punkte pro Joer erhéijen, fir bis 2035 3% z'erreechen.

Liberté - Fräiheet: JO

100%



2. Formatioun fir Journalisten

Journaliste si Multiplikatoren, an duerfir ass et wichteg, datt si um Radio an op der Televisioun e proppert Lëtzebuergesch schwätzen. Meeschtens hunn déi Journalisten am Ausland studéiert a sinn an hirem Fach och gutt, just mam Lëtzebuergesch huppert et dacks, och well si dat net am Studium geléiert hunn. An deem Sënn fuerdere mir fir all professionell Journalisten, déi fir e Medium schaffen, dee mam Staat eng Conventioun huet oder Pressehëllef kritt, datt si eng speziell Formatioun an eiser Sprooch kréien. Esou eng Formatioun kéint z.B. vum INL ausgeschafft ginn.

Géif Är Partei sech no der Chamberwahlen 2023 dofir asetzen, datt esou eng Formatioun fir professionell Journalisten ausgeschafft an och obligatoresch géif ginn?

LSAP: NEE

LSAP

Et ginn eng ganz Rei geschriwwe Medien, déi Pressehëllef kréien, déi awer eng aner Sprooch benotzen ewéi Lëtzebuergesch (Luxemburger Wort, Tageblatt, Quotidien, etc.). Deenen hire Journalisten eng Sprooch-Formatioun op Lëtzebuergesch z'imposéiere géif deemno net vill Sënn erginn. Betreffend déi audiovisuell Medien a méi spezifesch RTL, gesäit déi nei Konventioun mam RTL-Mammenhaus CLT-UFA explizitt vir, datt d'CLT-UFA sech engagéiert ee Formatiounsprogramm fir hir Journalisten z'assuréieren, wou ee vun den Themen de Gebrauch vun der Lëtzebuergescher Sprooch ass. Dës nei Konventioun trëtt den 1. Januar 2024 a Kraaft an huet eng Lafdauer bis 2030.

DP: KENG ÄNTWERT



Mam neie Pressehëllefgesetz vum 30. Juli 2021 ass d'Pressehëllef zu Lëtzebuerg moderniséiert, an un d'Entwécklung souwuel bei den traditionellen, wéi och bei de neie Medien ugepasst ginn. Lëtzebuerg hält d'Pressearbecht an de professionelle Journalismus immens héich, an ass frou, eng pluralistesche Mediellandschaft ze ënnerstëtzen déi qualitativ héichwäerteg ass, an dës an alle Sproochen déi duerch dat neit Gesetz ënnerstëtzt ginn. D'Erhale vum Mediapluralismus gesäit ënnert dem Kapitel 3 vun dem respektive Gesetz och vir, datt fir professionell Journaliste Formatiouns-Pläng solle virgesi ginn. Och am Artikel 10 vum Gesetz si Konditiounen festgehalten, ënnert deenen e sougenannte „éditeur citoyen“ finanziell Hëllef ka kréien, dorënner ënnert anerem eng professionell Formatioun fir d'Mataarbechter aus dem Service. Och bei den öffentleche Presseorganer sinn iwwer Konventiounen d'Qualitéit an de Sproochgebrauch festgehalten a kënnen, falls néideg, duerch de Medienorganer iwwer Formatiounen ënnerstëtzt a verbessert ginn. Et sief awer och gesot, datt Mediapluralismus och bedeit, datt déi dräi Amtssproochen déi zu Lëtzebuerg existéieren an der Press an de Medien genotzt ginn, an et doduerch bedéngt net fir all Journalist vu Notzen ass, eng Formatioun an der Lëtzebuergescher Sprooch ze maachen.

Déi Gréng: NEE



D'Iddi vun esou enger optionaler Formatioun fanne mir prinzipiell gutt, well se eng zousätzlech Ënnerstëtzung fir d'Journalist*innen duerstellt. Fir eng Formatioun oder implizitt d'Beherrsche vun der Lëtzebuergescher Sprooch awer virzeschreiwen oder se un de Finanzement ze koppelen, dat wier eiser Ussiicht no en Agrëff an d'Onofhängegkeet vun de Medien. Well mir dës Onofhängegkeet an d'Autonomie vun de Journalist*innen héichhalen, gesi mir esou eng Moossnam eischter skeptesch.

CSV: NEE



Sécherlech ass et vu Virdeel, wann d'Journalisten, déi fir ee Medium hei am Land schaffen, och eis Sprooch schwätze kënnen. Mee mir wëllen awer kee Lëtzebuergesch-Cours fir Journalisten imposéieren.

Déi Lénk: NEE

déi Lénk

Mir mengen net, dass esou Formatioune missten obligatoresch sinn. Déi allermeeschte Journalistinnen a Journalisten, déi op Lëtzebuergesch kommunizéieren, beherrschen d'Sprooch perfekt oder zumindest ganz gutt. Fir déi aner ass ëmmer d'Méiglechkeet ginn, sech fräiwëlleg beim INL an enger Formatioun anzuschreiwten.

ADR: JO



Piratepartei: JO



D'Press soll d'Biergerinnen a Bierger iwwert d'Situatioun zu Lëtzebuerg an an der Welt informéieren an dat a verschidde Sproochen. Dozou gehéiert och d'Lëtzebuergesch an dat muss entsprechend promovéiert a gefërdert ginn.

Fokus: JO



Volt: NEE



Mat sou enger Konditioun géif een automatesch all Journalist dozou zwéngen, Lëtzebuergesch ze léieren, dee fir ee vum Staat gefërdert Medium schafft. Dëst ass an eisen Aen eng Diskriminatioun vun all deenen, déi dës Sprooch net schwätzen. Lëtzebuergesch ass net obligatoresch als Sprooch vun eise Medien, just eng vun dräi Amtssproochen an et ginn och vill Journalisten a Mataarbechter vu Redaktiounen, déi just fir ee spezielle friemsproochegen Deel zoustänneg sinn – déi wieren dann och gezwongen, Lëtzebuergesch ze léieren, obwuel si et net emol benotze géifen. Donieft géif dat och zukünfteg ausschléissen, dat eng friemsproocheg Press jeemools kéint staatlech Ënnerstëtzung kréien.

Ganz ofgesinn dovunner, dass den INL souwiso komplett iwwerlaascht ass a senger Aarbecht, ass et och esou, dass mir bis ewell keng gréisser Problemer mam Lëtzebuergesch bei de Journaliste feststelle konnten, déi si net och an anere Sprooche gehat hätten. Et läit net um Staat, d'Sproochkenntnisser vun de Journalisten ze kontrolléieren, mä et läit an der Hand vun deene jeeweilige Patronen, dorop opzepasst, dass hir Employéen hir geschwaten a geschriwwe Sprooch an deem Mooss beherrschen, wéi si et fir néideg halen.

An eiser Fuerderung vun engem europäesche Schoulsystem gesi mir par Conter vir, dass Lëtzebuergesch, wéi et och bis ewell an deem System ass, weiderhin als obligatoresch Sprooch (L4) enseignéiert gëtt. Et ass wichteg, dass d'Lëtzebuergesch als Sprooch enseignéiert gëtt, an net nëmmen als Geschichts- oder Kulturfach, sou dass d'Kanner schonn de Gebrauch vun der mëndlecher an der schrëftlecher Sprooch léieren.

Liberté - Fräiheet: NEE



Et gëtt jo vill friemsproocheg Medien (Paperjam, Delano asw.) wou dat kee Sënn mécht an iwwerhaupt si mir als Bewegung géint „obligatoresch“ Formatioune aus Prinzip.

3. Méi Lëtzebuergesch am öffentleche Raum

D'Siichtbarkeet vum Lëtzebuergesch am öffentleche Raum ass wichteg: wat d'Sprooch am Alldag méi dacks ze gesinn ass, wat de Virwëtz an den Interessi och bei den auslännesche Matbierger eropgeet. A virun allem hëlleft et deenen, déi Lëtzebuergesch-Course gemaach hunn an elo d'Sprooch och üben an notze wëllen, a wann et nëmmen ass, fir se ze gesinn a se liesen ze kënnen. Et ass och e wichtegt Signal, dass d'Lëtzebuerg hir Sprooch héich halen.

Et sollen och typesch Lëtzebuerg Nimm fonnt ginn, z.B. „Kannernascht“ a „Stadion Lëtzebuerg“ amplaz „Maison relais“ oder „Stade de Luxembourg“.

Géif Är Partei sech no der Chamberwalen 2023 fir eng méi grouss Siichtbarkeet vum Lëtzebuergesch am öffentleche Raum asetzen, z.B. bei der Begréissung op der Grenz, um Flughafen, op den touristesche Schëlter op den Autobunnen, de Websäiten, op de soziale Medien, un de Gebaier, bei de Publikatiounen, de Formulären, op de Schëlter, Timberen, bei de Bus-, Zuch- an Tramstatiounen, op de Plazen an de Stroossen?

LSAP: NEE



Fir d'LSAP ass d'Visibilitéit vun der Lëtzebuerg Sprooch immens wichteg. Gläichzäiteg dierf een net vergiessen, dass d'Méisprouchegeket zu Lëtzebuerg eng grouss Roll spillt an en zentrale Facteur fir eisen internationale Profil duerstellt. An deem Sënn stellt d'Promotioun vun der Lëtzebuerg Sprooch, de Lëtzebuergeschcoursen, der lëtzebuergescher Kultur a Geschicht kee Widdersproch duer. Dobäi kënn, dass den Interessi un der Lëtzebuerg Sprooch an un de Sproochcoursen déi lescht Joren immens an d'Luucht gaangen ass.

DP: JO



Als DP ënnerstëtze mir d'Lëtzebuergesch an de Gebrauch vun der Lëtzebuerg Sprooch am öffentleche Raum, och wann dës Entscheedungen net nëmmen ënnert d'Kompetenz vum Staat, mee och vun de Gemengen oder privaten Acteure falen. E gutt Beispill wou d'Lëtzebuergesch an och Lëtzebuerg Traditiouns-Nimm gutt zum Virschäin kommen, sinn d'Stroosseschëlter déi souwuel déi franséisch wéi och déi lëtzebuergesch Nimm erëm ginn. Dëst erlaabt de Leit net nëmmen den Numm op Lëtzebuergesch ze léieren, mee gött munchmol och e Stéck Geschicht vun der jeeweileger Plaz erëm. Och d'Course fir Lëtzebuergesch ze léieren hunn iwweir déi lescht Joren ëmmer méi u Beléiftheet gewonnen. Den Interessi un der Sprooch ass immens grouss, an als DP ass et eis wichteg, dësem Interessi och nozekommen an der Demande d'Lëtzebuergesch ze léieren nozekommen, an dëst net just an der Schoul mee och am Alldag. Fir d'Lëtzebuergesch och an Zukunft ze stäerken, wäert d'DP sech och an de kommende Joren op deene verschiddensten Niveauen dofir asetzen, d'Lëtzebuerg Sprooch ze léieren, an hire Gebrauch an der Gesellschaft ze fërderen.

Déi Gréng: JO



Mir wëllen eis fir d'Siichtbarkeet vun der Lëtzebuerg Sprooch asetzen, wat an eisen Aen awer net soll heeschen, dass déi aner hei am Land benotzte Sprooch aus dem öffentleche Raum verdrängt solle ginn. D'Méisprouchegeket ass zanter Joerhonnerten en essentiellen Deel vun der Identitéit vun eise Land, dofir wëlle mir se och weider am öffentleche Raum favoriséieren. Mir begréissen awer deen an de leschte Joren a Joerzénge gewuessene Gebrauch vum Lëtzebuergesch a sinn der Meinung, dass dës sech och am öffentleche Raum sollt erëmspigel.

CSV: JO



An de Gemengen, an deenen eis Partei am Schäfferot vertrueden ass, gött sech agesat fir méi Lëtzebuergesch am öffentleche Raum. Dëst wëlle mer och national méi maachen, an zesummenaarbecht mat de Gemengen.

Déi Lénk: KENG ÄNTWERT

déi Lénk

Mir sinn net grondsätzlech dogéint fir déi Lëtzebuurger Sprooch am ëffentleche Raum ze benotzen. Mir plädéieren awer fir e pragmateschen Ëmgank domadder. Et muss ee vu Fall zu Fall kucken, ob et Sënn mécht.

ADR: JO



Och dës Moosname fir eis Sprooch am ëffentleche Raum méi siichtbar ze maachen, hu mir an der Chamber virgeschloen. Leider hunn déi aner Parteien net dofir gestëmmt. Ma fir eis ass kloer: Mir mussen eis Sprooch endlech méi an d'„Vitriin“ stellen. Wann nämlech mir Lëtzebuurger eis Sprooch mol selwer net am ëffentleche Raum benotzen, firwat sollten dann d'Ausländer se benotzen? Si froe sech dacks, firwat d'Lëtzebuurger hir eege Sprooch sou wéineg gebrauchen.

Piratepartei: JO



Och wann dës Fuerderung net iwwehall ëmsetzbar ass, kënnen hei nach eng Rei Efforte gemaach ginn.

Fokus: JO



Als Integratiounsinstrument spillt d'Lëtzebuurger Sprooch eng zentral Roll fir Leit aus verschiddene Kulturen an eiser Gesellschaft ze begrëssen an zesummenzebréngen. Andeems mir d'Sprooch zougänglech maachen erméigleche mir Immigranten, sech méi séier an eis Gesellschaft z'integréieren, Bezéiungen opzebauen a positiv um sozialen a wirtschaftleche Liewen deelzehuelen. Sprooch ass also e Schlëssel fir eng inklusiv an divers Gesellschaft ze schafen.

Volt: JO



(Éischer JO): D'Siichtbarkeet vum Lëtzebuergesche kann definitiv weider gefërdert ginn, do schwätzt aus eiser Siicht prinzipiell näischt dogéint. Staatsmedien an alles wat vum Staat ausgeet, sollen ëmmer mam Lëtzebuergesche virgoen, fir datt et als Deel vun der Identitéit vum Land och fir jiddereen visibel ass.

Et ass allerdéngs unzemierken, datt och lo schonns den Trend kloer ze gesinn ass, ewech vu klassesch franséischen oder däitschen Nimm ze kommen an ëmmer méi déi lëtzebuergesch Varianten no vir ze stellen (wat mir begrëssen).

Et muss en awer bei der Iddi, Lëtzebuergesche méi visibel ze maachen, och bedenken, datt ee privaten Institutiounen wéi z.B. Restaurants, Bistrotten, Butteker, etc. net ka virschreiwen, wéi eng Sprooch si ze benotzen hunn. Ausserdeem hale mir de linguistesche Spagat (wéi et eng Académie française mécht) fir nei Wieder z' erfannen, fir eng absolut onnéideg, kënschtlech a komplizéiert Saach, déi kengem hëlleft. Do, wou et e lëtzebuergesche Pendant och wierklech gëtt, wou net muss a Geschichtsbücher gesicht ginn, fir en alt Wuert „erëm z'entdecken“, a wou een net muss en neit Wuert erbaizauberen, do denke mir, ass et awer ganz richtig, déi lëtzebuergesch Versioun no vir ze bréngen. D'Lëtzebuergesche ass fir d'alleréisch emol eng geschwate Sprooch, an déi ass lieweg, duerf net stoe bleiwen, net hannerzeg goen, a muss sech op natierlech Aart a Weis duerch déi Leit, déi se schwätzen, entwéckelen.

Liberté - Fräiheet: JO

100%



4. Sproochen an de Crèchen

Zënter 2017 finanziéiert de Staat iwwer de „cheque service“ eng méisproocheg Fréifërderung fir Kanner tëscht 1 a 4 Joer am Lëtzebuergesche wéi am Franséschen. Dee Programm kënnt virun allem privat bedriwwe Strukturen (Crèchen) zegutt, déi op der enger Säit verpflichtet sinn, qualifizéiert Personal fir déi Aufgab ze engagéieren, op der anerer Säit bis zu 20 Stonnen d'Woch pro Kand komplett iwwer Steiergelder finanziéiert kréien. Eng Crèche déi hiren Aufgaben net nokënnt, soll iwwer dee Programm och net méi vum Finanzement vum „cheque service“ profitéiere kënnen. Eis Vereenegung fuerdert eng méi streng Kontroll vun de Crèchen am Kader vun der méisproocheger Fréifërderung.

Géif Är Partei sech no der Chamberwalen 2023 fir eng méi streng Kontroll vun de Crèchen am Kader vun der méisproocheger Fréifërderung asetzen?

LSAP: JO



D'LSAP schwätzt sech generell fir seriéis Kontrollen an den SEAen a Crèchen aus, fir sécherzestellen datt d'Qualitéitsvirgabe vun der Kannerbetreierung respektéiert ginn. Dobäi sinn eng ganz Rei Facteuren ausschlaggebend fir d'Qualitéit: nieft beispillsweis der Sécherheet, der Hygiène, dem Personalschlëssel an der Ausbildung vum Personal, ass och déi méisproocheg Fréifërderung e Facteur. Fir datt all déi Kritäre respektéiert ginn, si reegelméisseg ongekënnegt Kontrollen néideg. Allerdéngs ass d'Rigorositéit vun de Kontrolle fir d'LSAP zefriddestellend.

DP: JO



All Crèche, déi eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat via de Chèque-service accueil (CSA) wëll froen, muss de Programm vun der méisproocheger Educatioun ëmsetzen an d'Konditioune vum Programm erfëllen. Mir sinn eis iwwerdeems bewosst, datt den aktuelle System vum CSA mëttlerweile u seng Grenze stéisst. D'DP plangt dofir eng Reform vum CSA, andeems mir de Finanzéierungssystem vun de privaten Ubidder un deen vun de konventionéierte Prestatairen upassen. Sou kënne mir an Zukunft besser kontrolléieren, datt sämtlech Betreierungsstrukturen déi selwecht Qualitéitskrittären erfëllen. Kommerziell Iwwerleeunge vu private Prestatairen dierfen sech net op d'Qualitéit vun der Betreierungsoffer auswierken. Déi méisproocheg Erzéiung an de Crèchen ass eiser Meenung no immens wäertvoll fir d'Kanner op dat méisproochegt Schoulëmfeld an déi méisproocheg Gesellschaft zu Lëtzebuerg virzebereeden. Mir setzen eis deemno kloer dofir an, datt déi méisproocheg Fréifërderung an alle Crèchë gläich gelieft an ëmgesat gëtt. Natierlech fuerdert dës Ëmsetzung genuch qualifizéiert Personal. D'DP huet dowéinst viru kuerzem eng Ausbildungsoffensiv am Beräich vun der non-formaler Bildung gestart fir an de nächste Joren zousätzlech Personal kënnen ze rekrutéieren. Ausserdeem wëlle mir d'Lëtzebuergesch Sproochkompetenze vun den Educateuren verbessern a wäerten hinnen dowéinst cibléiert Sproochcoursen ubidden.

Déi Gréng: JO



Dat weidert Eropsetzen an eng besser Iwwerwaachung vun de Qualitéitskrittären am Beräich vun der non-formaler Bildung sinn Deel vun eisem Walprogramm. D'Sproochefërderung an d'Méisproochegkeet si fir eis heibäi zentral Aspekter mat Bléck op eis méisproocheg Gesellschaft an op d'Wichtigkeet vun de Sproochen an eisem Schoulsystem. Mir sinn eis awer och bewosst, dass et am Beräich vun der non-formaler Bildung, wéi a villen anere Beräicher, eng Penurie vu qualifiziertem Personal gëtt, ganz besonnesch vu Personal mat Lëtzebuergeschkenntnisser. Dëst gehéiert dofir zu den Erausforderungen, fir déi mir zesumme mat den Träger a Personalvertriedunge Léisunge wëlle sichen an déi och vun der nächster Regierung geziilt mussen ugepaakt ginn.

CSV: JO



Mir setzen eis a fir eng besser méisproocheg Fréifërderung, vun engem jonken Alter un.

Déi Lénk: NEE

déi Lénk

Mir mengen, datt déi aktuell Kontrollen duerginn. Eis ass net bekannt, datt déi sproochlech Virgabe géife vu villen Acteuren an der Kannerbetreuung mësuecht ginn.

ADR: JO



Jo, well an ville Crèchè gëtt leider keen oder quasi kee Lëtzebuergesch geschwat. Kontrolle gi wéineg bis keng gemaach, et besteet kee wierkleche politeschen Interesse bei der Regierung fir eis Sprooch an der Crèche no vir ze bréngen. Vill Aktiounen vun der Regierung, wat eis Sprooch ugeet, kann een als „de Leit Sand an d'Aen streeën“ bezeechnen. Et gesäit an de Prospekter vum Ministère schéin aus, awer um Terrain geschitt näischt.

Piratepartei: JO



D'Pirate setze sech insgesamt fir méi streng Qualitéitskontrollen an de Crèchen an, dozou géif dann och d'Sproocheförderung gehéieren.

Fokus: NEE



Volt: NEE



Vu datt mir keng Zuelen oder Donnéeën hunn, déi eng erweidert Kontroll géife rechtfäerdeg (z.B. datt Crèchen massiv hirer Aufgab net nokomm wieren), gesi mir aktuell kee Besoin dofir. Mir verfollegen eng streng wëssenschaftlech Approche, an ouni Daten ass et net méiglech, hei eng Entscheedung ze treffen. Och soss denke mer, datt d'Iddi mat der méisproochege Fréiförderung zwar interessant ass, mir zweiwelen awer un der Effikassitéit vun där Mesure am Allgemengen. Éier een hei op en Neits agräift, misst ee follgend Punkte klären:

- Wéi dacks a wéi laang ginn d'Kanner mat wéi enge Sprooche konfrontéiert?
- Wat ass mat Kanner, déi net all Dag oder net dee ganzen Dag an der Crèche sinn?
- Op wéi engem Niveau schwätzen déi zoustänneg Persounen déi Sprooch?
- Wéi gutt ass de Friemsproochenerwerb vu Kanner um Enn vun engem Joer, ...vun zwee Joer, ...vun dräi Joer?
- Gëtt et eng Noverfolgung vun de Leeschtungen an de Sproochen an der Schoul vu Kanner, déi sou ee Programm matgemaach hunn?
- Wat sinn d'subjektiv Andréck vun den Elteren zum Erfolleg vun dëser Mesure?

Liberté - Fräiheet: NEE



Och hei: Fräiheet! Firwat sollen anglo- oder frankophon Crèche MUSSE Lëtzebuergesch enseignéieren? Vill Eltere komme just fir 1, 2 Joer heihin an eng „Zwangs-Integratioun“ ass net de mise.

5. Umellen op der Gemeng

Beim Umellen op der Gemeng soll all neie Bierger iwwer Broschüren an Informatiounen fir d'Lëtzebuurger Sprooch sensibiliséiert ginn, z.B. datt Lëtzebuergesch als Sprooch existéiert, d'Sprooch vum Land ass an datt een déi Sprooch hei am Land och léiere kann. Den Inneministère soll déi Broschüren zesumme mat aneren Acteuren ausschaffen a se zesumme mat enger Lëscht vu Sproochecoursen un d'Gemenge verdeelen.

Géif Är Partei sech no der Chamberwahlen 2023 dofir asetzen, datt all neie Bierger direkt beim Umelle bei der Gemeng iwwer Broschüren an Informatiounen fir d'Lëtzebuurger Sprooch sensibiliséiert géif ginn?

LSAP: **JO**



Generell ass e wichtege Bestanddeel vun der Wëlkommenskultur, datt d'Biergerinnen op der Gemeng iwwer d'Offer vu Sproochecoursen informéiert ginn. Dat setzt voraus, datt genuch Plazen an de Sproochecoursen disponibel sinn a verschidde Sproochenniveauen ugebuede ginn.

DP: **JO**



Als DP sätze mir eis fir transparent a bierno Gemengen an, op deenen déi digital, inklusiv an zilgeriicht Kommunikatioun grouss geschriwwen gëtt. All Bierger muss einfach a séier, méisproocheg informéiert ginn. Besonnesch déi nei Bierger solle bei hirer Umeldung déi wichtegst Informatiounen betreffend der Gemeng an dem gesellschaftlechen Zesummeliewe mat op de Wee kréien. An dem Kontext géife mir als DP och begréissen, datt d'Gemengen déi nei Bierger bei hirer Umeldung mat Broschüren an Informatiounen iwwer d'Lëtzebuurger Sprooch géife sensibiliséieren.

Déi Gréng: **JO**



Fir eis ass dat eng ganz sënnvoll Fuerderung, déi mir voll a ganz ënnerstëtzen. Wichteg ass dobäi, datt dës Efforten national koordinéiert ginn, an dass déi entspriechend Ministère (Intérieur, Famill) besser matenee vernetzt ginn an effikass zesummeschaffen.

CSV: **JO**



Eis Sprooch ass ee wichtege Bestanddeel vun der Integratioun, a méi Sensibiliséierung fir eis Sprooch ass eng gutt Saach. Mir géifen dës Measure an Zesummenaarbecht mat de Gemengen ëmsetzen.

Déi Lénk: **KENG ÄNTWERT**



Mir verschléissen eis der Iddi net, fir Biergerinnen a Bierger bei der éischer Umeldung hei am Land e Pak mat pertinent Informatiounen z'iwwerreechen. Informatiounen zur sproochlecher Situatioun am Land kéinten, niicht anere wichtegen Informatiounen, dozou gehéieren.

ADR: **JO**



Dat ass ganz wichteg. Vill Auslänner wësse leider ganz wéineg iwwer eis Sproochesituatioun. Dofir sollten d'Awunner op der Gemeng och ëmmer op Lëtzebuergesch ugeschwat ginn an d'Beschrëftungen a Bezeechnungen och ëmmer op Lëtzebuergesch sinn.

Piratepartei: **JO**



Jo, och wa verschidde Gemengen dat scho maachen, awer nach net all. Esou Broschüre wieren awer e gudden Usaz fir eng gutt Integratioun. Dowéinst missten esou Broschüren an all Gemeng accessibel sinn.

Fokus: NEE

FOKUS

Volt

Volt: JO

Mir halen eng fréi Sensibiliséierung fir eng gutt Saach, well et a villen Deeler vum Land net onbedéngt selbstverständlech ass, dass Lëtzebuergesch déi néideg Visibilitéit huet. Dëst géif och zu enger nach besserer Integratioun féieren. Allerdéngs mussen d'Sproochcourse massiv eropgeschrauft ginn, an do hapert et leider aktuell am ganze Land. Et ginn am Moment net genuch Enseignante fir d'Lëtzebuergesch, den INL ass iwwerlaascht an d'Course an de Gemenge reegelméisseg iwwerfëllt. Fir dem Besoin nozekommen, missten d'Gemengen awer och de Staat d'Aarbecht vum Sprooch-Enseignant méi förderen, z.B. andeems speziell Programmer géife geschaf ginn, fir Leit, déi Lëtzebuergesch op Mammesproochenniveau beherrschen als Enseignant*e auszubilden. Et misst och méi Reklam fir dee Beruff gemaach ginn an den Job méi attraktiv gestallt ginn (sou dass z.B. och méi Leit dat am mi-temps oder niewelaanscht kéinte maachen).

Liberté - Fräiheet: JO

Incentiv Informatiounen sinn ëmmer eng gutt Saach

 LIBERTÉ -
FRÄIHEET

6. Exame fir Staatsbeamten

Am Kader vum Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 wier et gutt, wa beim „fonction publique Exame“ fir Staatsbeamte och gepréift géif ginn, ob de Kandidat och op Lëtzebuergesch schreiwe kann.

Géif Är Partei sech no der Chamberwalen 2023 dofir asetzen, dass am „fonction publique Exame“ fir Staatsbeamten e schrëftlechen Test op Lëtzebuergesch agefouert géif ginn?

LSAP: NEE

 LSAP

D'LSAP schwätzt sech dofir aus d'Personal vun der Fonction publique a Punkto Lëtzeburger Sprooch an Orthografie ze sensibiliséieren, dass beispillsweis duerch d'Promotioun vu Course ewéi „Orthografie vun der Lëtzeburger Sprooch“ op verschidden Niveauen als Weiterbildung um INAP.

DP: KENG ÄNTWERT

 DP
DEMOKRATESCH
PARTEI

No der haiteger Reegelung kënnen d'Lëtzebuergesch Sproochekenntnisser getest ginn beim Contrôle vun deenen dräi administrative Sproochen. Dëse Contrôle ass en Deel vun der Rekrutementsprozedur. Dee Moment gétt et eng verbal Verständnis- an Expressiounsepreue. Dobäi muss awer gesot sinn, dass et Dispense gi fir verschidde Kandidaten, z.B. wann si op mannst siwe Joer vu hirer Scolaritéit am lëtzebuergeschen Enseignement public gemaach hunn.

Fir d'Demokratesch Partei ass Lëtzebuergesch wichteg, well et eng Verwaltungssprooch ass. E Beamte muss jo an der selwechter Verwaltungssprooch äntweren an där eng Demande erakoum. Mir sinn der Meenung, dass iwwer weider Beméiungen nogeduecht kéint gi fir dass d'Lëtzeburger Sprooch weider e wichtege Stellwäert genéisst.

Déi Gréng: NEE



Am Kader vun der Ausaarbechtung vum Aktiounsplang fir d'Lëtzebuenger Sprooch, deen d'Regierung am Dezember 2022 ugeholl huet, goufen alleguer d'Ministère kontaktéiert. Do koom ganz dättelech de Wonsch vun de Beamt*innen zum Ausdrock, fir sech méi sécher am geschriwwene Lëtzebuergesch ausdrécken ze kënnen, genau wéi d'Fuerderung, fir méi Hëllefstellungen dobäi ze kréien. Dogéint schéngt eis d'Afféiere vun engem schrëftlechen Test fir nei Beamt*innen net de richtege Wee ze sinn, an dat aus e puer Grënn. Engersäits ass et sou, datt all Kandidat*in, deen/déi entweder siwe Joer Schoulzäit zu Lëtzebuerg ofgeluecht huet oder säin/hiert Ofschlossjoer an enger Lëtzebuenger Schoul gepackt huet, automatesch vun alle Sproochenexame fräigestallt ass. E spezielle Lëtzebuergeschtest schéngt eis an deem Kader aus Grënn vu Kohärenz net ubruecht. Anerersäits géif esou en Test, souguer wann en agefouert géif, seng „Wierkung“ eréischt no laange Joren entfalen, wann eng substantiell Proportioun vun de Beamt*innen e bis matgemaach huet. Aus all deene Grënn schéngt et eis méi sënnavoll, fir op eng konsequent Weiterbildung vun de Beamt*innen ze setzen. Dëse Wee wier ëmsou méi effikass an attraktiv, well de Wëlle fir entspreichend Weiderbildung wéi scho gesot kloer besteet.

CSV: NEE



Mir setze verstärkt op d'Weiterbildung vun de Staatsbeamten, och an hire sproochleche Kompetenzen.

Déi Lénk: NEE



Eiser Meenung no ginn déi aktuell sproochlech Viraussetzungen duer fir an d'Fonction publique anzetrieden.

ADR: JO



D'ADR ass prinzipiell dofir, dass all Ugestallte beim Staat Lëtzebuergesch muss kënnen.

Piratepartei: NEE



D'Sproochenhürde fir Fonctionnaire d'Etat ze gi sinn elo schonn héich an e Kandidat muss elo scho Lëtzebuergesch schwätzen. Déi lëtzebuergesch Orthografie ass net esou einfach, dowéinst ginn et haut Internetsitten, déi enger Persoun beim korrekter Schreiwen hëllefen. Dat ass fir eis ausräichend.

Fokus: JO



Volt: NEE



Mir gesinn net an, firwat dëst néideg wier, vu datt dee meeschten offizielle Courrier ni op Lëtzebuergesch geschriwwen gëtt. Virun allem kann ee beim aktuelle Schoulmodell an deem aktuellen Enseignement am Land net dovunner ausgoen, datt een eng gutt Educatioun an der Schrëftsprooch vum Lëtzebuergesch krut. Wouhier sollen d'Leit et kënnen, wa se et ni bäibruecht kruten an et am Fong keng Course just dofir gëtt? Wann an de Schoule Lëtzebuergesch als Sproochefach enseignéiert géif ginn, wann an de Schoulen Texter, Aufsätz, Gedichter, Prüfungen, Disserten, etc. op Lëtzebuergesch gepréift ginn an een e klaren Noweis vum Beherrsche vum Schreiwen vun der Lëtzebuenger Sprooch huet, deen Ament wiere mir d'accord, fir datt och eng schrëftlech Evaluatioun stattfënnt.

Liberté - Fräiheet: JO



Klipp a kloer: d'Fonction publique muss eis Sprooch kënnen